N°745
Entrée le 16.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.05.2024
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 16. Mee 2024

Här Präsident,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch an den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Säit leschtem Joer kann een de "Bachelor en Sciences infirmières spécialisées" hei zu Lëtzebuerg absolvéieren. Hei kann Een sech a verschidde Beräicher spezialiséieren, ewéi z.B. als Infirmier pédiatrique, Assistant technique médical de chirurgie, Infirmier Responsable en Soins Généraux an Infirmier psychiatrique.

Dozou wollt ech dem Educatiounsminister an der Gesondheetsministesch follgend Froe stellen:

- Wéi vill Studente sinn insgesamt fir de „Bachelor en Sciences infirmières spécialisées" d'Joer 2023/2024 ageschriwwen?
- Waren och Demanden dobäi déi hu misste refuséiert ginn? Wann jo, wéi vill an aus wéi engem Grond?
- Wéi ass d'Unzuel vun de Studenten an deenen eenzelnen Spezialisatiounen opgedeelt?
- Wéi vill Proffen / Vacatairen si fir de Bachelor en Sciences infirmières spécialisées virgesinn?
- Wéi gesäit den zukünftege Recrutementsplang fir Proffen aus?

Mat déiwe Respekt,

Claire Delcourt
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu